piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 05/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Justiz weiderzeleeden.**

Den Transport vu Gefaangenen duerch d'Police ass eng deeglech Aufgab vun enger Spezialunitéit vun der Police, der UGAO. Schonn zënter der Gambia-Regierung froe souwuel d'Policegewerkschaft, wéi och d'Giischtercher, dass den Arrestantentransport soll vun de Giischtercher iwwerholl ginn, well domadder d'Policebeamte fir aner Missioune kéinten agesat ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Arrestantentransporter sinn an de leschten dräi Joren, opgelëscht pro Joer, duerch d'Police duerchgefouert ginn?
2. Wéi vill Policebeamten a wéi vill Aarbechtszäit ginn aktuell fir den Arrestantentransport agesat?
3. Wäert d'Regierung dru festhalen, datt den Arrestantentransport weider vun der Police duerchgefouert gëtt oder kënnt et des Legislatur nach zu enger Ännerung?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés